

06/2019

# debulletin

## **Editorial vum Patrick Remakel**

Kënnt et endlech  
zu der noutwendeger  
« Simplification administrative » ?

## **Grundschule Capellen Zykel1 Pädagogisches Konzept in Funktionsräumen**

Françoise Weydert

## **Medienkompetenz ? Wer, wie, was, wieso, weshalb, warum ?**

Robert Reuter

## **Liesungen um sne/cgfp**

D'Yvette Moris presentéiert hiert Buch  
« Märchercher fir dranzebäissen »



**sne**

syndicat  
national des  
enseignants  
cgfp

**Fir lech,  
mat lech,  
zesumme  
méi staark!**





Die neue Schulbank



# „HOHENLOHER GENIO“

Ein Genius unserer Zeit



„Genio, der Schülertisch setzt durch sein zeitgemäßes Design und seine praktische Funktionalität neue Maßstäbe in der Schuleinrichtung. Das innovative Tischgestell in C-Form ist trotz seiner grazilen Eleganz sehr stabil und bietet größtmöglichen Fußraum für den Benutzer. (Optionale Korbablage, Rollengleiter, höhenverstellbar)“

**FREUDE AM LERNEN**



Stufenlose  
Höhenverstellung



Stahlkorbablage



Rollengleiter

**Exklusiv zu Lëtzebuerg bei Bureautique Rosy Wagner-Brauckmann**



BUREAUTIQUE  
ROSY WAGNER-BRAUCKMANN

27, rue de la Barrière / L-1215 Luxembourg / T. +352 44 88 08-1 / F. +352 44 88 08-99  
www.wagner-brauckmann.lu / rosy@wagner-brauckmann.lu

« Tout faux-tout vrai »



... so Claude,  
wier d'Asetze vum Alexa  
keng gutt Saach ...

am Kader vun der Lutte géint d'Pénurie  
u Léierpersonal am Fundamental ... ! ?

... vläit keng esou schlecht Iddi Lex,  
e puer Mécke mat engem Schlag ...

entspricht nämlech den ugestriefte  
Kompetenzen vum 21te Johonnert

wéi Smart Technologien, Digitalisatioun,  
Kodéierung, asw ...

wéi d'Fauscht op d'A ... ! ?



# Fir lech, mat lech, zesumme méi staark !

## Impressum

### Rédaction:

11-13, rue des Ardennes  
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie  
sne@education.lu

### Parution:

6 fois par an  
Distribution gratuite aux  
membres du sne/cgfp  
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

### Impression:

sne éditions s.à r.l.  
B.P. 2437  
L-1024 Luxembourg

### Publicité:

À envoyer à l'adresse postale.  
Les tarifs sont transmis sur demande.  
La reproduction d'articles, même par extraits,  
n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source.  
Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés  
au sne/cgfp. Les articles signés ne reflètent pas  
nécessairement l'avis du syndicat.

### Photos:

Page 15 © Lucien Elsen

# Sommaire

debulletin

6/2019

- 04 Editorial vum Patrick Remakel  
Kënnt et endlech zu der noutwendeger  
« Simplification administrative » ?
- 10 Walen 2019  
« Commission scolaire nationale »  
Eis Kandidate soe Merci !
- 12 Doleancen a Revendicationen  
vum sne/cgfp un de  
Minister vun der Fonction publique !
- 28 Cycle1 Grundschule Capellen :  
Pädagogisches Konzept in Funktionsräumen  
.Françoise Weydert
- 36 « Medienkompetenz ? Wer, wie, was, wieso,  
weshalb, warum ? »  
Robert Reuter
- 40 Liesungen um sne/cgfp :  
D'Yvette Moris, liest aus  
« Märcher fir dranzebäissen »
- 44 Buchtipp vum Vanessa Schetgen



# Éditorial

## Kënnt et endlech zu der noutwendeger « Simplification administrative » ?

2 Joer nodeem d' Regionaldirektiounen eng Hällewull u Formularen an « Notes de service » publizéiert hunn, déi direkt vehement vum sne/cgfp kontestéiert goufen, schéngt elo endlech Mouvement an den Dossier « administrativen Opwand » ze kommen.

De MENJE huet schlussendlech en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff, an deem den administrativen Opwand am « Enseignement fondamental » soll op de Leescht geholl ginn.

Den sne/cgfp huet vun Ufank u kloer gemaach, dass hien d'Conclusiounen a Recommandatiounen vun dësem Aarbechts- a Steiergrupp nëmme géif matdroen, wann et och wierklech zu enger « Simplification administrative » kënnt, déi den Enseignant a sengem Alldag entlaascht an déi och am Sënn vum Kand ass.

Eventuell Entscheedungen, déi an dësem Aarbechtsgrupp getraff ginn, mussen dann awer och 1 zu 1 vun den Direktiounen an d'Praxis ëmgesat ginn.

### Afuerderung vu Formularen zum « Appui pédagogique » ... en absolutten No-Go !

Et kann nämlech net sinn, dass et haut nach ëmmer Direktiounen ginn, déi weiderhin d'Formulaire vum « Appui pédagogique » vun den Enseignantë froen, obwuel dës per « Règlement grand-ducal » ofgeschaaft goufen. En absolutten No-Go ! Mat enger Alibi- Conclusioun, nom Motto « mir maachen eppes, well mir sollen eppes maachen » wäert den sne/cgfp ganz sécher net mat d'accord sinn.

Fir den sne/cgfp wichteg Aspekter an deem Dossier sinn :

### Den administrativen Opwand muss op den absolute Minimum reduzéiert ginn !

Den administrativen Opwand muss op den absolute Minimum reduzéiert ginn. Mir si just bereet, deen administrativen Opwand bäizebehalen, deen och eng reell Plus-value mat sech bréngt, dat heescht deen



Schluss  
mam iwwerdrüwenen  
administrativen Opwand !

dem Kand eppes bréngt an dem Enseignant säin Alldag an der Schoul erliichtert.

### D'Kand muss nees an de Mëttelpunkt réckelen !

D'Kand muss nees an de Mëttelpunkt réckelen an net d'Prozeduren. Am Moment gëtt den Accent op d'Anhale vu komplizéierte Prozedure geluecht, dat heescht et gëtt just gekuckt ob d'Prozedur och wierklech agehale ginn ass. D'Kand bleift oft dobäi op der Streck. Ob Hëllef beim Kand ukënnt, gëtt dobäi zur Niewesaach !

Wat verlaangt den sne/cgfp ganz konkret ?

### Concertatioun : D'« Liste de présence » muss verschwannen !

Bei der Concertatioun ass den sne/cgfp domadder averstanen, dass et en « Ordre du jour » an e Rapport muss ginn. D'« Liste de présence » muss awer fir den

... den sne/cgfp ass just bereet, deen administrativen Opwand bäizebehalen, deen och eng reell Plus-value mat sech bréngt, dat heescht deen dem Kand eppes bréngt an dem Enseignant säin Alldag an der Schoul erliichtert !



sne/cgfp verschwannen. Mir badge jo och net moies, wa mir an der Schoul mat eiser Aarbecht ufänken. Den Här Minister misst vläicht sengen Enseignanten e bässe méi Vertrauen entgéint bréngen amplaz si permanent wëllen ze kontrolléieren.

## Concertatioun : Flexibel Organisatioun vun de Reunionen !

Och müssen dës Reunionne kënne flexibel organiséiert ginn. E Planning vun all de Concertatiounsreunionen, deen e misst um Ufank vum Joer virleeën an ofgi wier total kontraproduktiv !

An dësem Kontext erënnert den sne/cgfp un d'Conclusionsen, déi d'Auteurs vum « Rapport d'expertise » iwwert de Bilan vun der Reform an der Grondschoul schon am Dezember 2012 a Punkto Organisatioun vun de Concertatiounsreunionne gezunn hunn: „ Auffällig ist weiterhin, dass die obligatorischen wöchentlichen Sitzungen unabhängig vom Bedarf und in der vorgeschriebenen Dauer schematisch abgehakt oder „ abgesessen “ werden, selbst wenn dies wegen fehlender Tagesordnungspunkte nicht erforderlich ist. Wünschenswert wäre eine Flexibilisierung der Versammlungs- und Sitzungsmodalitäten je nach Handlungsbedarf “. (Säit 81 vum erwäante Rapport)

## E klore Paradigmewiessel wat d'Ufro fir Hëllef fir d'Kanner betrëfft !

An dësem Dossier fuerdert den sne/cgfp e klore Paradigmewiessel : De MENJE muss ewech vun der Iddi, dass d'Prozedur fir Hëllef ze kréien am Virdergrond steet. An den Ae vum sne/cgfp ass de Fait, dass Hëllef beim Kand an enger iwwerschaubarer Zäitruum ukënnt, vill méi wichteg wéi d'Prozedur. Natierlech muss den Aarbechtsofwand fir déi Hëllef unzefroen iwwerschaubar sinn, mee de Problem ass net deen, dass Formulairë müssen ausgefëllt ginn, mee éischer deen, dass näischt doropshin erfollegt.

Als Conclusioun, eng Simplificatioun vun dëser Demarche muss wuel gemaach ginn, mee den sne/cgfp fuerdert, dass den Haaptfokus op der konkreter

Hëllef um Terrain leie muss. Haut gi ganz dacks Formulair a Rapporten ausgefëllt a geschriwwen, mee et kënnt duerno oft net zu enger konkreter Retombée um Terrain, dat heescht et kënnt dacks net zur néideger Hëllef fir d'Kand. Da sti keng Spezialisten zur Verfügung oder et gëtt gesot, dass ee fir dee Problem net kompetent wier an dass ee sech un en anere misst wenden, asw.

Fazit: et kënnt einfach keng Hëllef beim Schüler un. Dat ass frustréierend fir déi Leit, déi d'Rapporte mat engem dach groussen Zäitopwand geschriwwen hunn. Den Enseignant ass scho bereet Demarchen anzeleeden, wann dann och an engem raisonnablen Delai Hëllef um Terrain ukënnt.

Wann een Hëllef kritt, ginn dacks déi Stonnen da bei engem anere Kand ofgezunn, wou se da feelen. Et kënnt dacks just zu enger Verschiebung vun de Problemer. Op där enger Säit huele mir d'Fëllmaterial fort fir dann e Lach op där anerer Plaz ze stoppen.

## De Fonctionnement vun de Clen an den ESEBen muss verbessert ginn !

E puer Wieder awer och zu dem Fonctionnement vun de Clen an den ESEBen :

Bei den ESEBen changéiert d'Personal ganz dacks, an dat obwuel eng fest Referenzpersoun fir mat engem Kand ze schaffen dach vu grousser Wichtigkeet ass. Dës Weidere wier et och vu grousser Wichtigkeet, dass virum 15. September bekannt wier, wéi ee Kand, wéini a vu wem gehollef kritt.

Net ganz seele ginn och Dossiere verluer.

Laang Waardezäite sinn och op der Dagesuerdnung, wann een an eng Cl geruff gëtt. Et misst dach méiglech sinn, e rigoureuse Planning mat verbindlechen Zäite vun de Rendez-vous fir d'Enseignanten opzestellen an et dierft jo och net esou schwéier sinn dee Planning esou opzestellen, dass een déi Zäiten anhale kann.

Et ass net tragbar, dass d'Enseignanten do onnëtz Zäit mat Waarde verléieren.



## D'administrativ Prozedure musse vereinfacht ginn !

Wat d'« Simplification administrative » vun de Prozeduren ubelaangt, misst :

- E ganz einfacht Schema ausgeschafft ginn, no deem verfuert soll ginn. Eng schematesch Duerstellung vun den Demarchen am Kader vun enger Prozedur solle laang Texter ersetzen, an dat well e Schema dacks méi iwwersichtlech a verständlech ass.
- De Formalismus op e strikte Minimum reduzéiert ginn. Firwat net de Schoule méi Autonomie an deem Dossier ginn.

D'Prozedur gëtt nach méi laangwierig a schwéierfällig wa Kompetenzzentren mat an d'Spill kommen. Ganz oft sinn d'Kompetenzzentren sech net eens an d'Kand gëtt vun engem bei deen anere gedréckt fir schlussendlech an der Schoul ze bleiwen an do da weiderhi mat de « Moyens du bord » betreit ze ginn. Hëllef vun de Kompetenzzentren kënnt keng, well jiddereen erkläert,

... fir den sne/cgfp muss den administrativen Aufwand op den absolutte Minimum reduzéiert ginn !

... méi Autonomie fir d'Schoulen !



dee Fall géif net a säi Kompetenzberäich falen. Hei fuerdert den sne/cgfp och ganz kloer Verbesserungen !

## Bei interne Changementer am Stonneplang muss direkt eng Simplificatioun erfollegen !

Ee Punkt, wou direkt misst eng Simplificatioun erfollegen, ass bei den interne Wiesselen am Stonneplang (« changements d'horaires ponctuels »). An all Cycle ginn et Situatiounen, wou duerch verschidde pädagogesch Aktivitéiten oder Sortien, Stonne musse gewiesselt oder soss punktuell Ännerunge gemaach ginn. E Wiessel heescht, et gëtt keen extra bezuelt, et schafft keen ze mann, d'Stonne leie just anescht.

An esou Fäll misst et offiziell méiglech sinn, dass dat eenzeg an eleng schoulintern festgeluecht gëtt. Esou Arrangementer « pour les besoins du service » sollen net müssen ëmständlech mat engem Formulaire ugefrot ginn. De President « veille au bon fonctionnement de l'école », weess Bescheid a léisst d'Equipë schaffen.

Et kann awer net sinn dass e « Changement d’horaire » op där enger Sait ganz einfach an ouni grouss Bureaucratie méiglech ass, wann et d’Direktioun arrangéiert, mee awer, op där anerer Sait, mat groussem administrativen Opwand verbonnen ass an och nach dacks refuséiert gëtt, wann et « à la demande » vum Enseignant ass. ESOU NET !

Pädagogesch Sortien ouni grouss Formularen auszufüllen!

Et misst méiglech sinn, Sortien z’organisieren ouni Formulaire missten auszufüllen. De MENJE misst op nationalem Plang eng Lëscht opstellen, wou d’Quasi-Totalitéit vun de « Sorties pédagogiques » déi méiglech sinn opgezielt ginn. Déi Lëscht bräicht dann nëmme vun de Schoulcomitéen adaptéiert oder ergänzt ze ginn a kéint da mat an d’Schoulorganisatioun afléissen. Fir déi aner Sortië misst eng schoul-intern Info oder eng Info un d’Gemeng och Beleg genuch si fir dass do eng Assurance alles ofdeckt. Et dauert einfach ze laang, wann een den Accord vum Direkter an dem Buergermeeschter muss anhuelen ier een eng Sortie ka maachen. Esou Formulairë si kontraproduktiv, well si all Spontanitéit ewech huelen.

D’Gespréicher innerhalb vum Aarbechtsgrupp « Simplification administrative » kënnen nëmme reusséieren, wann dem sne/cgfp sengen Hauptrevendicatioune Rechnung gedroe gëtt. Här Minister, et ass elo un Iech !!!

D’Gespréicher innerhalb vum Aarbechtsgrupp « Simplification administrative » kënnen nëmme reusséieren, wann dem sne/cgfp sengen Hauptrevendicatioune Rechnung gedroe gëtt!

Här Minister, et ass elo un Iech !!!

Léif Kolleeгинnen a Kolleegeen, am Numm vum sne/cgfp an och a mengem perséinlechen Numm, wënschen ech Iech awer och all, op dëser Plaz schéi Feierdeeg an elo och schonn eng gutt Gesondheet an e schéint an erfollegräicht Joer 2020.

Och 2020 wäerte mir ons op ons Haaptaufgab besënnen, ons Memberen ze representéieren an hir Rechter a Meenungen ze verdeedegen.

Mat syndikalistesche Gréiss,  
Patrick Remakel,  
President vum sne/cgfp



Notre nouvelle « AD »

Renouvellement statutaire de l’Assemblée des Délégués du sne/cgfp

En décembre 2019, le sne/cgfp a procédé au renouvellement de son Assemblée des Délégués qui est l’organe représentatif de tous les membres du syndicat.

Composition :

Monsieur Olivier Bechet	Monsieur Steve Kühn
Monsieur Laurent Berck	Madame Isabelle Loewenstein
Monsieur Gilles Bley	Madame Marie-Josée Marson
Monsieur Sven Bas	Monsieur Ronny Mergen
Madame Carole Ciatti	Monsieur Tom Olinger
Monsieur Michel Cloos	Monsieur Fernand Origer
Monsieur Nico Eich	Monsieur Jean Pirsch
Madame Nathalie Frisch	Madame Claudine Schweig-Pletgen
Monsieur Gilles Glesener	Monsieur Patrick Remakel
Madame Eva Grober	Monsieur Claude Ries
Madame Isabelle Haas	Madame Vanessa Schetgen
Monsieur Claude Haubrich	Monsieur Yves Schlabertz
Monsieur Paul Hermes	Monsieur Claude Schmit
Madame Yola Hild	Madame Lydie Schmit
Monsieur Georges Hoffmann	Monsieur Joël Steffen
Monsieur Claude Kasel	Madame Joëlle Théobald-Schmit
Monsieur Jean Kasel	Madame Maryse Thill
Monsieur Paul Klein	Monsieur Nicolas Thill
Madame Sonia Klein	Madame Daisy Varandas
Monsieur Christian Kohnen	Madame Nicole Vesque-Miesch
Monsieur Jeff Koob	Monsieur Jos Vesque
Monsieur Albert Krier	Monsieur Roby Zenner



# Merci!

**Walen 2019**  
**Commission scolaire nationale**  
**E grouse Merci fir äert Vertrauen**  
**an ären Optrag !**



**Den sne/cgfp seet lech all**  
**e grouse Merci**  
**dass Dir dräi vun eise Kandidaten**  
**als effektiv Memberen**  
**an d'Commission scolaire nationale**  
**gewielt hutt.**

## Résultats des élections de quatre membres du personnel enseignant à la Commission scolaire nationale

04-12-2019 · Avis officiels MENJE

Le 4 décembre 2019, le bureau électoral a procédé au dépouillement des 2.227 bulletins de vote avec les résultats suivants:

Nombre de voix obtenues par Monsieur ARENDT Patrick: 1.049

Nombre de voix obtenues par Monsieur CALDARELLA WEIS Marvin: 759

Nombre de voix obtenues par Monsieur SCHONS Olivier : 749

Nombre de voix obtenues par Madame WATGEN Nora: 777

Nombre de voix obtenues par Monsieur GLESENER Gilles : 1.180

Nombre de voix obtenues par Monsieur KASEL Jean: 1.034

Nombre de voix obtenues par Monsieur REMAKEL Patrick: 1.280

Nombre de voix obtenues par Madame SCHETGEN Vanessa: 1.089

Nombre de voix obtenues par Madame PETER Lucie : 139

Nombre de voix obtenues par Madame SCHMIT Joëlle : 191

Les quatre candidats ayant réuni sur leur nom la pluralité des voix exprimées sont proclamés élus.

Il s'agit de

M. Patrick REMAKEL, M. Gilles GLESENER, Mme Vanessa SCHETGEN, M. Patrick ARENDT.

**D'Vanessa Schetgen, de Gilles Glesener an de Patrick Remakel**  
**soen lech Merci fir äert Vertrauen a wäerte sech mat ganzem**  
**Asaz an dësem Gremium fir d'Interête vun den Enseignanten**  
**asetzen !**

# sne/cgfp - info

## Dem sne/cgfp seng Doleancen a Revendicatiounen un de Minister vun der « Fonction publique » !

Eng Delegatioun vum sne/cgfp war de 4ten Dezember 2019 beim Minister vum öffentlichen Déngscht Marc Hansen fir iwwert d'Auswierkunge vun der Reform vun 2015 an der « Fonction publique » ze diskutéieren. D'CGFP huet dës Gespréicher mat all sengen Ënnerorganisatiounen verlaangt an esou goufen déi dann och am Avenant vum Accord salarial vun 2018 festgehalten.

An dëser Entrevue huet den sne/cgfp dem Minister vun der « Fonction publique » seng Doleance matgedeelt a seng Revendicatiounen a Punkto Carrière duergeluecht.

Fir d'éischt huet d'Delegatioun vum sne/cgfp dem Minister erkläert, dass am Enseignement fondamental net nëmmen d'Reform vun 2015 Repercussiounen op de Statut vum Enseignant hat, mee dass et scho bei der Schoulreform vun 2009 zum Reklassement vun de Schoulmeeschteren a Léierinne komm ass.

Esou goufe schonn 2009 vill Dispositiounen a Punkto Carrière vum Schoulmeeschter geholl, déi bei anere Staatsbeamten eréischt 2015 gereegelt gi sinn.

Den sne/cgfp huet dem Minister Hansen folgend Forderungen ënnerbreet :

### De Cumul vum « Supplément de traitement » an der « Majoration d'échelon pour poste à responsabilités particulières » muss méiglech sinn !

Eng Haaptrevendicatioun ass, dass de Cumul vum « Supplément de traitement » an der Majoration d'échelon » pour poste à responsabilités particulières » méiglech muss sinn. Am Moment ass et esou, dass jiddereen 2 Joer nodeems en de leschten Echelon aus dem Grade E5 erreecht huet (Echelon 16) e « Supplément de traitement » vun 20 Punkte kritt. Wann een dee Moment awer e « Poste à responsabilités particulières » (Majoratioun vun 22 p.i.) iwwerhëlt, da kritt een de « Supplément de traitement » nees ewech geholl. De Facto, bleiwen esou nach just 2 Punkte fir de « Poste à responsabilité ». En absoluten No-Go an den Ae vum sne/cgfp !

Den Tribunal administratif beschäftegt sech am Moment mat der Fro, ob et gerechtfäerdeg ass, de « Supplément de traitement » ewech ze huelen, wann een eng « Majoration d'échelon pour poste à responsabilités particulières » touchéiert.

Fir dës ganz grouss Ongerechtegkeet aus der Welt ze schafen, misst de « Supplément de traitement » ersat gin duerch d'Aféierung vun engem « Allongement de

grade » am E5 mat engem 17. Echelon vu 500 Punkten. An den Ae vum sne/cgfp wier dat déi einfachsten a beschte Solutioun.

Dës Fuerderung no engem 17. Echelon mat 500 Punkte kéint och eng aner Problematik léisen, nämlech déi vun der Promotioun an de Grad E7 vun den « Instituteurs spécialisés », déi « fin de carrière » sinn. Och bei hinne gëtt nämlech de « Supplément de traitement » bei hirem Wiessel an den E7 net consideréiert a an dat ass zu hirem Nodeel. Duerch de gefuerderten « Allongement de grade » kéint evitéiert ginn, dass déi Leit bei hirem Wiessel an den E7 eng Zäit laang manner géife verdénge wéi am E5.

### De Plafonnement op 500 Punkten, deem bei den Allongementen am Traitementsgesetz vun 2015 virgesinn ass, muss opgehuewe ginn !

Eng weider Revendicatioun vum sne/cgfp ass d'Ophiewe vum Plafonnement vum Traitement bei 500 Punkten.

D'Enseignanten , déi no 2015 agestallt goufen, sinn am A-Tableau vun der Administration générale klasséiert. Den Echelon 9 vum Grad 14 mat 485 Punkte gëtt duerch en 10. Echelon mat 500 Punkten allongéiert. Allerdéngs verhënnert eng Dispositioun bei den Allongementen, dass de Schoulmeeschter seng Primm fir 10 Joer Déngscht am Enseignement (12 p.i.) behält esoubal hien an den Echelon 10 mat 500 Punkten aklasséiert gëtt. Säi Gehalt ass also bei 500 Punkte gedeckelt.

Dës Plafonnement muss opgehuewe ginn. Et gëtt objektiv kee Grond, dass een déi Primm vun 10 Joer am Enseignement net méi zegutt soll hunn, wann een den 10. Echelon vum Grade 14 kritt.

### De Système d'appréciation muss ofgeschaaft ginn !

Genee wéi d'CGFP et fir d'ganz « Fonction publique » verlaangt, fuerdert den sne/cgfp och d'Ofschafe vum Bewäertungssystem am Enseignement. D'Prozedur ass schwéierfällg, käschtenintensiv an opwänneg.

Fir et op een Nenner ze bréngen, si ergëtt kee Sënn a bréngt näischt.

### D'Mastercarrière fir de Schoulmeeschter !

Den sne/cgfp fuerdert d'initial Schoulmeeschtesch-ausbildung op Masterniveau, also am A1, anzeféieren. Dat ass an eisen europäesche Nopeschlänner schonn de Fall. D'Ufuerderungen un d'Léierpersonal sinn an de leschte Joren ëmmer méi grouss a méi komplex ginn an dofir ass e Rekrutement op Masterniveau absolut noutwendeg.

Duerch eng generell Ausbildung op Masterniveau géif de Beruff op jidde Fall revaloriséiert ginn an d'Studente wieren och besser op déi aktuell an zukünfteg Defië virbereet.

De Comité central vum sne/cgfp.



# Gedicht

## Léiwen Zinniklos

Léiwen Zinniklos

Du gudde léiwen Zinnikleeschen,  
Ech war dëst Joer e ganz braavt Meedchen.  
Ma eppes ass dach komesch ginn am Land,  
Dat schreift dir grad e ganz klengt Kand.

Aus der klenger Pëppi hues gesinn,  
En houfregt Meedche sinn ech ginn.  
Ech léiere schreiwe ganz gewëss,  
Well d'Joffer ass nawell kamëss.

Du weess ech si mol heiansdo verdreemt,  
Wa mir am Kapp wéi Buschtawenzopp et reent.  
A menger Klass ass permanent eng lass,  
An d'Léierin denkt haart, ma " Nondikass " !

Si schéngt mir iergendwéi liicht opgedréint,  
Grad wéi wann d'Welt deen anere Wee sech dréint.  
Ech denken no, weess menge klengen Hänn kee Rot,  
Meng Mamm géif soen, t'muss Rou nees an de Stot.

Kleeschen, du gesäis jo, d'Zäit fir eis Kanner  
Fir d'Léierinnen an d'Schoul gëtt all Dag manner.  
Berichter mussen se Säite voll schreiwen,  
Et schéngt et wëllt een se an de Wansinn dreiwien.

Souguer an der Mëttesstonn solle se sech konzertéieren  
Agespaart déi Zäit wéi déi wëll Déieren  
Fir z'iesse kënnst eis Joffer guer net eraus,  
Kuck dir se un, wéi gesäit si eraus.

Ersatze stinn der iwwerall scho prett  
Mat hinnen ass d'Schoul ierwe laang net gerett.  
Aus alle Géigende kommen se hier,  
De Claude mécht ganz grouss op seng Dier.

Mat der Schoul huet de Claude dach och eppes ze dinn,  
Ma hei hunn ech hien ierwer nach net gesinn.  
Oh Kleesche géff him dach eng séiss Leckerei,  
Ech mengen da kréie mir Rou nees erëm hei.

Kanns du dann näischt fir eis Joffere maachen ?  
Knippercher, Kichelcher, dat bréngt si zum Laachen.  
Ech bieten dech, nure kee Buch méi vum Claude !  
Da léiwer e Rezept fir e leckere Brot.

**Zum Schluss, léiwe Kleeschen, erlab mir eng Fro,  
An dann hues de et och scho mat mir gedo.  
So Kleeschen, wann ech wëll Léierin ginn,  
Huet dat awer nach eppes mat Schoul ze dinn ?**

Aus dem Tagebuch vum Eva, 8 Joer







## Wo steuern Sie hin?

Bausparen – Steuern sparen

Ihr BHW-Berater gibt Ihnen dazu die besten Tipps und informiert Sie über die staatlichen Steuerfreibeträge – damit Sie alles bekommen, was Ihnen zusteht. Sprechen Sie mit einem BHW Berater drüber. Oder rufen Sie die CGFP Hotline an: 473651

Die CGFP ist der BHW Bausparpartner im Großherzogtum Luxemburg für den öffentlichen Dienst.

 BHW Bausparkasse Niederlassung Luxemburg  
16, rue Erasme, L-1468 Luxembourg Kirchberg, [www.bhw.lu](http://www.bhw.lu)




  
**ernster**<sup>®</sup>  
*l'esprit livre*

## MORE THAN A STORY, AN ALTER EGO.

Order today, escape tomorrow.  
[www.ernster.com](http://www.ernster.com)



La librairie de l'éducation



Librairie • Papeterie  
**NOUVEAU:**  
Diderich Café Umeck

2, rue Victor Hugo  
L-4110 Esch-sur-Alzette

Service Librairie : 55 40 83 - 21 / 28

Service Papeterie : 55 40 83 - 22 / 32

Tous les livres et articles scolaires  
[www.diderich.lu](http://www.diderich.lu)

**sne** syndicat  
national des  
enseignants  
cgfp

**Gëff  
Member  
beim  
sne/cgfp!**

**Fir lech,  
mat lech,  
zesumme  
méi staark!**  
[www.sne.lu](http://www.sne.lu)



**F**  
EMILEFRISCH

Autocars Emile Frisch  
Tél. (+352) 49 61 51-1  
[www.emile-frisch.lu](http://www.emile-frisch.lu)  
[info@emile-frisch.lu](mailto:info@emile-frisch.lu)

**Iwwerall ënnerwee**

**VOYAGES  
VANDIVINIT**  
*Reesen mat Stil*

**Schulausflüge  
erleben**

Tél.: +352 23 66 83 41 - 1  
[contact@vandivinit.lu](mailto:contact@vandivinit.lu)



[www.vandivinit.lu](http://www.vandivinit.lu)

votre rénovation clé en main



**renovatioun.lu**  
är Renovatioun ass eis Passioun

[www.renovatioun.lu](http://www.renovatioun.lu)

(+352) 288 308 - 1





## Voyages scolaires et séjours éducatifs avec Schooltrip



**School  
trip**  
by emile weber

Voyages Emile Weber propose des voyages scolaires, séjours éducatifs, excursions thématiques et des visites dans des entreprises de la région. Profitez du plaisir de partir tous ensemble vers une de nos nombreuses destinations ou celle de votre choix avec notre programme à la carte.

Découvrez nos offres attractives adaptées à tous les besoins et budgets!



Informations et réservations :  
Tél.: (+352) 35 65 75 - 300 · [info@schooltrip.lu](mailto:info@schooltrip.lu) · [www.schooltrip.lu](http://www.schooltrip.lu)



# boesner

KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER

Alles was kleine Künstler brauchen



- Über 28.000 Artikel
- Staffeln- und Großhandelspreise
- Lieferservice
- Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum

**boesner GmbH Perl**  
Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch  
Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: [perl@boesner.com](mailto:perl@boesner.com)  
Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr

Auf **3.200 m²**  
alles was Kunst braucht

Frankfurt  
Mutterstadt  
**Perl**  
Saarbrücken  
Trier

[www.boesner.com](http://www.boesner.com)

## Eine atemberaubende Reise in die Geschichte des Eisenerzbergbaus!

Die Besichtigung (max. 18 Kinder pro Gruppe) eignet sich für Kinder zwischen 6 und 14 Jahre. Die Kinder versetzen sich dabei in die Rolle eines Bergmanns: schleppen Eisenerz, erleben eine Sprengung, festigen die Decke usw. Am Ende der Führung erhalten die Schüler ein kleines Geschenk.



Für reservierte Gruppen (max. 18 Kinder pro Gruppe) ist das Museum ganzjährig geöffnet.

Für Einzelbesucher: April - Juni, Sept.: Do. - So. 14:00 Uhr - 18:00 Uhr  
Juli - August: Di. - So. 14:00 Uhr - 18:00 Uhr  
(letzte Führung um 16:30 Uhr)



Sie möchten einen Geburtstag bei uns feiern?  
Kein Problem!

Nach oder vor der Besichtigung stellen wir Ihnen einen Raum mit Tisch und Stühlen zur Verfügung, wo Sie mit Ihren mitgebrachten Speisen und Getränken feiern können. Gerne können Sie auf Anfrage den Geburtstag auch in der Grube feiern. Bei schönem Wetter können wir den Tisch an die frische Luft stellen.



Musée National des Mines de Fer  
Luxembourgeois

Carreau de la Mine Walert  
Rue de la Bruyère  
L-3714 Rumelange

Tel: +352 565688  
Fax: +352 26560503  
[www.mnm.lu](http://www.mnm.lu)  
[info@mnm.lu](mailto:info@mnm.lu)



nikao

en vouloir plus

C'EST NATUREL

OPERA  
PLUS



Plus vous nous faites confiance, plus vous y gagnez.  
Avec OPERA PLUS, vous bénéficiez naturellement  
de tout un éventail d'avantages tarifaires.

infos en agence ou sur [www.raiffeisen.lu](http://www.raiffeisen.lu)

Banque Raiffeisen, société coopérative



# moving people, moving school.

Ensemble vers de nouvelles aventures!

Solution de mobilité pour le transport scolaire par Sales-Lentz.

[sales-lentz.lu](http://sales-lentz.lu)

 **Sales-Lentz**  
moving people



# D'Studentefoire

## Eng perfekt Plaz fir Promotioun vum Beruff vum Enseignant ze maachen !

Interview mam Isabelle Loewenstein

Den sne/cgfp hat dëst Joer déi 1. Kéier e Stand op der Studentefoire de 7. an 8. November an der Lux-expo um Kierchbierg. D'Isabelle Loewenstein huet sech an Zesummenaarbecht mam Comité central an e puer Membere vun der Assemblée des Délégués ëm d'Entwécklung vun engem Konzept an der praktescher Realisatioun vun dësem gekëmmert.

### Firwat huet eng Gewerkschaft wéi den sne/cgfp e Stand op der Studentefoire ?

An Zäite vu grousssem Personalmangel am Fundamental ass et vun immenser Wichtigkeet als Gewerkschaft op esou Evenementer präsent ze sinn. D'Studentefoire huet eis d'Méiglechkeet gebuede mat Schüler a Kontakt ze trieden, déi sech fir de Beruff vum Enseignant interesséieren an hinnen op hir Froen ze äntweren.

An der Gesellschaft huet eise Beruff net méi dee Ruff, deen en nach virun enger Rei Joren hat. Allze oft

gi just déi negativ Facteuren ervir gehuewen, et gi just Problemer thematiséiert a medial opgebauscht. Dëst féiert a mengen Ae sécherlech net dozou, dass méi Leit sech fir de Beruff entscheeden, bien au contraire. Et ass awer en immens bedeitende Beruff.

Als Enseignant bilde mir d'Gesellschaft vu muer aus, mir ginn de Kanner net just kognitiivt Wësse mat op de Wee, mee guidéieren an ënnerstëtze si och bei der Entwécklung vun hire Sozialkompetenzen.

De Beruff vum Enseignant gëtt wuel ëmmer méi komplex, mee en huet ganz sécher NET u Wichtigkeet verluer. A mir brauchen och a 5, 10 a 15 Joer nach qualifizéiert a motivéiert Leit déi wëlle Schoul halen.

Mir wollten also Präsenz weisen, awer net nëmme bei deene Jonken, mee och bei all deenen aneren Acteuren, déi do waren: Betriber, Beroder, Héichschoulen, Universitëten a Ministären.



D'Isabelle Loewenstein huet sech an Zesummenaarbecht mam Comité central an e puer Membere vun der « Assemblée des Délégués » vum sne/cgfp ëm d'Promotioun vum Beruff vum Enseignant gekëmmert.



## Grousse Succès hat d'Iddie vun der " Wall of fame " . Wat war de Gedanken do hannendrun ?

Mir haten eng „Wall of fame“ opgeriicht op där d'Schüler den Numm vun hirem / hire Liblingsprof/fen (& Schoul / Lycée) konnten opschreiwen.

Den Andrang war immens grouss an ech war selwer iwwerrascht wéi vill Studenten, an och soss Leit , stoe bliwwen si fir den Numm vun hirer " Liblingsjoffer ", " Liblings Här Lehrer " oder " Liblingsproff " op eis " Wall of fame" ze schreiwen. Eng Rei Enseignanten hunn och sur place Fotoe gemaach wa se Aarbechtskolleegen oder Bekannten op der „ Wall of fame " gesinn hunn. Si wollten hinnen dat onbedéngt weisen. Et ass eis dorëmmer gaangen e positive Feedback un d'Léierpersonal erauszeginn.

Den Enseignantsberuff ass kee wou een dauernd Feedback kritt. Allze oft kréien d'Leit um Terrain punktuell just negative Feedback wat natierlech net grad motivant ass. Eis Kanner ginn eis zwar all Dag Feedback, mee hei an do mol e léift Wuert säitens den Elteren, dem Supérieur oder aneren éffentlechen Instanze géif sécherlech zu engem méi motivéierenden Aarbechtsklima bäidroen. .

Et war flott ze beobachte wéi schnell de Schüler do direkt Nimm agefall sinn a wéi se stralend a begeeschtert vun dësen Enseignanten erzielt hunn. Et weist, dass all eenzelen Enseignant en Ënnerscheed mécht. Huet net all Schoulmeeschter / Léierin punktuell e Stär verdéngt fir déi kompetent an intensiv Aarbecht déi hien / si all Dag am Klassenall leescht ?

Déi meescht Schüler haten ongeféier 16-18 Joer a waren deemno mindestens 12 Joer an der Schoul. Si goufen an deene Jore vun « X » Enseignantë begleet. Et war impressionnant ze gesi wien säin Numm ganz geziilt erausgesicht gouf aus deene mindestens 50 Leit deene si an deenen 12 Joer iwwert de Wee geläp sinn. Dëst visualiséiert awer dass all eenzele vun iech Enseignanten dobaussen um Terrain eng entscheidend Roll am Liewe vun dëse Kanner gespillt hutt.

De Message, dee mir wollten den Enseignante ginn, ass: " Du ziels an du bass net vergiess ! "

## Dir hat extra eng al Schoulbänk dohigestallt an e Spill mat der Tafel organiséiert. Wisou hutt dir iech fir dëst visuell Konzept entscheet ?

Duerch eng Schoulbänk an eng Tafel war jidderengem vu Wäitem ersichtlech, dass et op eise Stand ëm d'Schoulhale geet. Déi Jonk konnte sech op eis al Bänk setzen a vun do aus Pabeierfigere Richtung Tafel schéissen. Mir wollten duerch d'Spill an d'Gespréich mat deene jonke Leit kommen, wat duerchaus gegléckt ass.


Eng Rei vun hinnen hu mat eis iwwert d'Schoul geschwat an hir Froen zur Ausbildung an zur beruflecher Praxis gestallt.

Sou munch ee war erstaunt wéi vill Sparten den Enseignement bitt a wéi massiv awer och de momentane Mangel u Léierpersonal elo schonn ass. Et ass eng Karriär déi ni ausstierft an ni ausstierwen däerf. Eise Beruffleet schliisslech de Grondstee fir d'Generatiounen an d'Land vu muer.

Eis Präsens op der Studentefoire war fir mech eng flott Erfahrung. Mech hu virun allem déi vill Nimm op eiser " Wall of fame" beréiert an dee positiven Echo säitens deene Jonken an hire Proffen.

**... eis Präsens op der Studentefoire war fir mech eng flott Erfahrung**

**... mech hu virun allem déi vill Nimm op eiser " Wall of fame " beréiert an dee positiven Echo säitens deene Jonken an hire Proffen**





# Pädagogisches Konzept

## in Funktionsräumen im Cycle1 Capellen

Auteur : Françoise Weydert

Im September 2015 öffnete das neue Gebäude des Campus Capellen seine Pforten.

Die Räume des Cycle1 sind sehr grosszügig gestaltet. Vor allem die Flure (vom Architekten als Spielflur bezeichnet) laden dazu ein, in einem ganzheitlichen Raumkonzept mitgenutzt zu werden.

Die Tatsache, dass unser Cycle1 verhältnismässig klein ist (4-6 Klassen) erlaubt es uns, einen familiären Rahmen zu schaffen und problemlos sehr eng zusammenzuarbeiten. Wir möchten deshalb nicht nur die Räume sinnvoll nutzen, sondern auch die klassische Klassenstruktur verändern, so dass die Kinder nicht nur von allen Räumen, sondern auch von allen Lehrpersonen profitieren können.

### **Kinder sollen Lernprozesse zum Teil selbst auswählen und gestalten können :**

Wir haben zusammen ein Konzept erarbeitet, das den Kindern einen strukturierten Rahmen bietet in dem sie ihren eigenen Bedürfnissen und Interessen nachgehen können. Die Kinder sollen Lernprozesse zum Teil selbst auswählen und gestalten können. Dabei erkennen wir durch Beobachtung die Stärken und Schwächen der Kinder und können sie mit spezifischen Angeboten fördern und unterstützen. Es handelt sich also um ein offenes Konzept, in dem wir verschiedene Prozesse gezielt anregen und lenken.

In einem Satz zusammengefasst besteht unser Konzept darin, dass die Kinder während des Freispiels in allen Räumen und mit allen

**... die Kinder können während des Freispiels in allen Räumen und mit allen Kindern spielen und wir können sie dann für die Aktivitäten in kleine Gruppen aufteilen**



**... die Kinder sollen Lernprozesse zum Teil selbst auswählen und gestalten können. Dabei erkennen wir durch Beobachtung die Stärken und Schwächen der Kinder und können sie mit spezifischen Angeboten fördern und unterstützen**





... das Team « Cycle1 Capellen » hat zusammen ein Konzept erarbeitet, das den Kindern einen strukturierten Rahmen bietet in dem sie ihren eigenen Bedürfnissen und Interessen nachgehen können.





Kindern spielen können und wir sie dann für die Aktivitäten in kleine Gruppen aufteilen.

Unser Konzept erlaubt uns das Angebot für die Kinder so breit zu fächern, dass wir den Bedürfnissen und Interessen jedes Einzelnen gerecht werden können. Die neue Form des “Miteinander Spielens” fördert (oder fordert) ausserdeem die sozialen Kompetenzen der Kinder, da sie selbstständig entscheiden wie oder mit wem sie ihre Zeit verbringen und demnach auch eine andere Art der Verantwortung für ihr Handeln übernehmen müssen als bisher.

Wir sind davon überzeugt, dass wir durch eine gemeinsame Nutzung der Infrastruktur, einem einheitlichen pädagogischen Konzept und der Arbeit als Team jedem einzelnen Kind besser gerecht werden können, da Jeder seine persönlichen Interessen, Stärken und Kenntnisse zum Wohle aller Kinder einsetzt. Durch die gemeinsame Nutzung der Räume und des Materials können wir den Kindern wesentlich vielseitigere Angebote in allen Bereichen machen und so wirklich allen Bedürfnissen gerecht werden.

#### **Das Konzept ist eine Bereicherung für das ganze Team :**

In der Zusammenarbeit in der “Équipe pédagogique” sind wir zuzusagen unsere eigenen “Agents de qualité”, weil wir uns selbst und uns gegenseitig ständig hinterfragen. Die enge Zusammenarbeit im Team stärkt außerdem die einzelnen Teammitglieder, da Aufgaben aufgeteilt werden können. Wir beraten und unterstützen uns gegenseitig bei der Beobachtung und

Beurteilung der Kinder und bereiten gemeinsam Projekte und Aktivitäten vor. Das Konzept ist also nicht nur für die Kinder vorteilhaft, sondern auch eine Bereicherung für das ganze Team.

Unser Konzept ist natürlich auf unser Gebäude und unser Team zugeschnitten. Trotzdem sind eigentlich alle Elemente auch in anderen Schulen oder Zyklen umsetzbar und viele Ideen haben sich auch schon in anderen Klassen und Schulen bewährt.

#### **Funktionsräume :**

Jedem Klassenraum ist eine bestimmte Funktion zugeordnet. Auch in den Fluren haben wir Funktionsbereiche eingerichtet. So befindet sich zum Beispiel in einem Raum alles, was die Kinder für Rollenspiele brauchen (Spielladen, Puppenecke, Ritterburg usw.), in einem anderen Raum können die Kinder mit unterschiedlichem Material bauen, dann haben wir noch die Bastelecke, Bücherecke, den Ruheraum, ein “ Restaurant “, einen Motorikraum, einen Wahrnehmungsbereich und andere spezifische Räume/Bereiche. Im Freispiel können die Kinder sich in allen Bereichen frei bewegen, das heisst sie können selbst entscheiden in welchem Raum sie spielen möchten. Sie können ausserdem mit allen Kindern spielen und nicht nur mit den Kindern aus der eigenen Klasse.

#### **Beobachtungskonzept :**

Wir arbeiten aktuell an einem gemeinsamen Beobachtungskonzept, das uns die Dokumentation und den Austausch der Beobachtungen erleichtern soll.

Da in unserem System alle Teammitglieder alle Kinder betreuen, ist ein gemeinsames Beobachtungskonzept und ein regelmässiger Austausch unserer Beobachtungen unerlässlich.

Aus diesem Grund arbeiten wir aktuell an einem gemeinsamen Beobachtungskonzept, das uns die Dokumentation und den Austausch der Beobachtungen erleichtern soll. Es besteht aus verschiedenen Beobachtungsbögen, die wir im Freispiel oder während unseren Aktivitäten nutzen.

Das Konzept beinhaltet ebenfalls Bögen, auf denen besondere Bedürfnisse und mögliche Förderziele festgehalten werden. So sind der Entwicklungsstand und die Fortschritte der Kinder jederzeit dokumentiert, was wichtig für die Vorbereitungen unserer Aktivitäten ist und beim Schreiben der “Bilans intermédiaires” hilft.

#### **Lernangebote :**

Neben dem Freispiel haben wir jeden Tag auch Lernangebote, für die die Kinder in Gruppen von 8-10 Kindern aufgeteilt werden.

